Dideleng den 8. Februar 1945;

Didelenger Jongen !

Et frét mech feststellen ze kennen dass dir an eso grosser Zuehl onsem Opruff gefollegt sit. Den Zwéck vun der Versammlung ass, we dir beréts wesst : d'Grennong vun der Ligue "Ons Jong" section Dideleng.

"Ons Jongen" ass eng Ligue dé virun 3  Mént zu Letzeburg gegrennt ginn ass, a beréts haut an alle grésseren ort=schaften hir sectionen huet. Firwat mir hei zu Didèleng eso lang op eis warde geloss hun geht doeraus erfir well am Ufank d'Astel=long vun der Ligue zur Union an der Miliz net ganz kloer war. Haut awer sinn an déer Hinsicht keng Bedénken mé. "Ons Jongen" ass eng assosiation dé weder gengt d'Union nach gengt d'Miliz gericht ass, sonnesch gänzlech onofhängech vun alle Parteien op égene Féss stéht an nemmen d'Intresse vu sengen Menberen vertrett. Sie ass vun der Regierong unerkannt an d'Statuten erschengen am nächste Mémorial. Iwert d'Statuten schwätz an erklärt herno nach Frantzen Germain.

Firwat mir ons Ligue gerad "Ons Jongen" genannt hun, geht aus folgende Grenn erfir: Wé huet et am Ufank vun der preisescher Besatzong gehéscht ? "Ons Jongen ! nie, dé ginn ni agezunn. An dorno sinn ons Jongen agezunn ginn. An do huet et erem gehéscht: Jo, agezunn gi sie, awer an't Front komme sie net.! a, schon no kurzer Zeit woren dé escht an der Front, an net lang dorno hun och schon's dé escht hiert Liewen misse lossen. Jé, dir wesst genau eso gut wé ech: Iwerall a jiederén huet vun "onse Jongen" geschwat, an dofir wo haut och dé éscht vun onse Jongen erem an der freier Hémecht nés sinn, welle mir dé schéne Numm och weider behâlen, an ons doerenner zesummen dongen an én dém aneren hellefen.

Wien kann nu Member fun der Ligue ginn: All Letzebur=ger Jong vun déne Joergäng dé duerch d'Preisen an d'Wehrmacht, Arbeitsdienst oder Heimatflak forcé'ert si ginn. Et spielt kéng roll op hén nun déserteur, refractair, sech iwerhapt net anzéhe geloss huet a gleich zu Ufank ugangen ass, zufällech hei an Urlaub

war wé d'Alliéert kummen oder och haut nach an der Wehrmacht ass Dé énzeg an alleng Bedingung ass, dass hien gudde Letzeburger war an ass. Aus dém Gronn gett och e jong dann eréscht Member nodém seng Opfé'erong wärend der preisescher Besatzong grendlechs gepréft ass ginn. Ebenfalls ginn och d'Manné'eren gepreift wé dén én oder aneren sech lanscht d'Wehrmacht oder Arbeitsdienst ge= dréckt huet.

An eso madde kommen ech zum Haptpunkt: Wat ass den Zwéck a Senn sewé d'Aufgaben vun der Ligue "Ons Jongen".

1tens. Eng héleg E'erong vun all letzeburger Jong dén a preisesch Uniform gezwongen gefall ass esowé all dé,dé hiert Liewen fir Letzeburg geloss hunn.

2tens. Gegenseiteg moralesch a materiel Ennerstetzong. Déne Jongen ze hellefen dé haut schlecht dru sinn well hir Famill emgesiedelt oder Papp a Mamm am Conzentrazions-Lager setzen. Et geht net dass eso,e Jong haut op den Armebüro oder soos an zwosch héschen a gemmeren goe muss. Genau wé mir a Russland én dém aneren gehollef, dat lescht Stéck gefru'rene Kamess gedélt hun, genau eso welle mir och haut dem Frend dé schlechter drun ass ennert d'Ärm greifen bis et him erem besser geht. Mir wellen och all dénen Hellefen dé duerch d'Anzéhen op hirer Arbecht, op hirem Handwierk oder Studien zereck gesat goffen. Et geht net dé eng dofu profité'eren wé dé aner firt d'Land gelid en an elo op dénen hiren Platzen setzen, während dén dé firt d'Land geaf= fert huet op der Stross leit oder erem fir afänke muss. Wann eso e Jong op sech sewer ugewiesen ass, kann hén dat net eréschen wat ons Assosiation kann. Ech kann iech och dat hei soen: dass ons Ligue beréts haut scho grossen Afloss huet, wégesot fun der Regieronk unerkannt ass a wat d'Fro' Jongen ubelangt em Ro't an Auskonft fun hiren eso wé fun den Allie'erten Autoritéten gefrot ass ginn. Weider ass et och eng Selbstverständlechkét dass mir fir dé Jongen suergen de a preisescher Uniform eventuel ver= wond oder un hirer Gesondhét geschiedegt si ginn. Op dém Gebiet ass scho viel gemat ginn an och eréscht; ech dénken a spéder Versammelongen speziel doerober ze spriechen kommen.

Als 3te Punkt vun onsen Haptpflichten hu mir d'Erfassong funallen Letzeburger Jongen dé nach haut a preisescher Uniform stéchen od r sech a Gefangeschaft befannen, an aktiv a mat alle

Kräften um Hémhuelen vun hinnen ze hellefen. Dat selwecht gellt och fir onse Komeroden hir Emgesiedelt. Ech mengen et ka jiede én fun iech sech dat mat Lichtegkét aus mohlen wat an deser Hinsicht nach ze léschten ass.

4tens. Welle mir eso gut wé et geht an eso weit et an onse Kräfte leit, eis dankbar erweisen gengt dé Leit dé eis geholłef hun wé mir ons duerch d'Bascht gemat hun. Démols hu Sie hire Kapp fir eis an't Spiel gesat an dofir ass et och haut eis Pflicht, wann et je méglech ass, eis Schold bei hinnen an zeléсen.

5tens. Welle mir dé Frendschaft operhâlen dé an der Friemd ennert eis Letzeburger entstanen ass. No der Scho'l, mei Gott huet dén én den aneren aus dem A verluer an et huet missen eso eblöden Simon kommen fir ons erel eng Kéer ze summen ze brengen. An dofir wär et a grossen Schued wann dé Frendschaft dé sech op frieme Buedem, a Russland, Italien, Frankreich, Deitschland oder am fieschte Gruev wann d'Granaten iewer ons gebletzt sinn entstanen ass elo erem géff vergoen. Spéziel elo wo et héscht ons Land erem op ze bauen, ze rengechen an eng bessere Atmosphär an onser Hémecht hirzestellen, musse mir éneg a fest zesumme stoen, a besonnesch mir, dé all beréds haut fir d'Land gelidden a geaffert, dé jonk a stark sinn an dé Zukonft fu Letzeburg sollen an och musse sinn.

Weider am Opbau fun der Ligue "Ons Jongen" sinn och E'erememberen fiergesinn. Dat ass jo eng Selbsverständlechkét dass mir och Leit brauchen duerch dé mir Protection wé och finanziel Ennerstützong hun. E'eremember kann all Letzeburger ginn; dat héscht all gudde Letzeburger, well et geht net dass besonnesch dé Hären mengen dé sech duerch hir Marken e gudden Numm bei de Preise gemat hun an elo fleit erem versichen duerch Spend 'eren hei de schéne Männchen ze machen. Dáfir gett och all E'eremember firt d'ésoht op Long a Liewer geprüft ér hien seng Memberekârt ausgestalt kritt.

Ech mengen ech hätt elo a grossen Zich de Senn an Zweck an dat em wat et sech handelt eso weit kloer geluecht. Mir giffen dann e Comité bilden, kucken dass mir och e Büro

krichen an eso da mat volle Segelen eisen Aufgaben a Verpflichtongen entgengt goen.

Nodem dass Frantzen's Germain iech elo d'Statuten dé op Fransésch formulé'ert sinn op Letzeburgesch fir brengt an eso weit wé nédeg erklärt kommen ech dann nach eng Kéer zereck wat d'Meldong vun de Memberen ubelangt,

d'Wielong vum Comité an

d'Obdreiwen vun engem Büro.